**Club**
**Am Schlass**
*centre de rencontre*




| HIERSCHT |
2021

Sammel Erënnerungen, kee materielle Krom !





VIRWUERT






All eis Visitten an Ausflich fannen ënnert dem COVID-Check Regime statt.


COVID check.lu







# DE "CLUB AM SCHLASS" VIRWUERT HIERSCHT 2021



Léif Frënn vum Club Am Schlass,

Esou lues verfierft d'Natur sech an hir schéinste Faarwen an d'Deeg ginn erëm méi kuerz. Mee dat heescht awer net, datt een Doheem soll setze bleiwen. Eng gutt Optioun ass sech matrappen ze loosse fir dës Zäit esou flott ewéi méiglech ze erliewen. Dofir freeën ech mech Iech eis Hierschtbroschür ze presentéiere wou mir, wéi gewinnt, ee flotte Programm op Bee gestallt hunn, dee mir hoffentlech zesummen erliewe wäerten.

Ënnert dem Titel 'Duerch Dall a Land' fannen an dëser Broschür dës Kéier och d'Amateure vun Oldtimer sech erëm. Mam éischten, vun der Daimler-Benz AG gebauten, Omnibus, geet et iwwert all Bréck, Hiwwel a Land. Dëse Mercedes-Benz vum Typ O 3500 gouf am Wierk zu Mannheim tëscht 1949 an 1955 hirgestallt an zielt zu den erfollegräichsten Omnibusser vu senger Zäit. Détailer gitt Dir nach méi spéit gewuer. Esou vill kann ech Iech op dëser Plaz scho verroden, Dir dierft dësen Tour op kee Fall verpassen!

Doriwwer eraus stinn natierlech eis flott Tréppeltier mam Ed Pansin weiderhin um Programm, an och eis léif gewonnen Alpakaen dierfen sech iwwert déi eng oder aner Visitt vun eis freeën.

## WICHTEG INFORMATIOUN!

All Participanten sinn gebieden hir Impfcertificaten, PCR- oder Antigenschnelltester virun der jeeweileger Aktivitéit ze präsentéieren. Mir behalen eis d'Virrecht d'Visitten ze annuléieren.

Ech wëll Iech awer net d'Loscht huelen weider duerch d'Broschür ze bliederen a meng Iddien ze entdecken, wou dach déi eng oder aner ganz fantastesch Aktivitéit dobäi ass. An der Hoffnung, datt Dir Iech ugesprach fillt, sidd Dir häerzlech invitéiert, Iech bei mir am Service ze melle fir Är Plaz ze garantéieren.

Sou an elo hoffen ech, datt ech Iech konnt begeeschtere fir eng flott Excursioun mat eis ze maachen.

*Ech freeë mech op Iech a bis dohi bleift gesond,*
*Margot*



Är Equipe vum Club Am Schlass
CHRISTELLE BAILEY & MARGOT JEMMING



TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin
& Margot Jemming




PLATEAU KIERCHBIERG

initiéiert vum
"Fonds Kirchberg"

P.01


# #CONTENT




## ALPAKA TREKKING

Spadséiere mat Alpakaen


P.02


## DUERCH DALL A LAND

Oldtimer Busfaart

P.03



## NATIONAL-BIBLIOTHÉIK

um Kierchbierg

P.04






## FILM-NOMËTTEG

"Mr. Morgan's last love"

P.05


№ 001-002



**SALAISONS MEYER**
vu Bascharage
P.06



**NATIONALE MUSÉE VUN DER BRAU-KONSCHT**
an dem
Wëltzer Schlass
P.07





**GLAS-BLÉISEREI**
vum Pascale Seil
P.08



**FILM-NOMËTTEG**
"Still Alice"
P.09

# #CONTENT



## FILMNOMËTTEG

"Der Mann, der Weihnachten erfand"

P. 11

## FASHION OUTLET

Zweebrécken

P. 10



Vergiesst w.e.g. net Är fest Schong esou wéi Gedrénks!








TRËPPELTIER

# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin & Margot Jemming



**"Viel wandern macht bewandert".** ( Zitat Peter Sirius)

Zweemol am Mount maache mir eis op de Wee an entdecken op en Neits Wanderweeër vu Bartrenger Bëscher an Ëmgéigenden. Dir wiert verwonnert wat et hei alles ze entdecke gëtt. Kommt mat an erliewt d'Einfachheet vun der Natur an all hire Säiten. Mir versichen nees bei all Wieder erauszegoen. An dofir wëlle mir och weider zesumme flott Trëppeltier duerch d'Natur genéissen. D'Treffpunkter gitt Dir ëmmer bei der Umeldung gewuer. D'Trëppeltier déi mir aussichen hunn an der Regel tëscht 5 a 7 km, a kënnen och bis zu 10 km laang sinn. D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.

| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDEG, 05 \| 10 \| 2021<br>**E ganzen Dag trëppelen + Mëttegpaus am Restaurant "Sieweburen"** | UM 10:00 AUER<br>**Parking Bridel / Rondpoint / direct. Rollingergrund** | 10 KM |
| DËNSCHDEG, 19 \| 10 \| 2021<br>**mam Zuch op Dippech an zu Fouss zréck op Leideleng** | UM 13:45 AUER<br>**Gare Leudelange** | 10 KM |
| DËNSCHDEG, 09 \| 11 \| 2021 | UM 13:30 AUER | 5 – 7 KM |
| DËNSCHDEG, 23 \| 11 \| 2021 | UM 13:30 AUER | 5 –7 KM |
| DËNSCHDEG, 07 \| 12 \| 2021 | UM 13:30 AUER | 5 – 7 KM |
| DËNSCHDEG, 14 \| 12 \| 2021 | UM 13:30 AUER | 5 – 7 KM |

**Umeldung bis de jeeweilegen Dag virdrun!**






# PROGRAMM VUN DE VISITTEN

# 01



**Plateau KIERCHBIERG**








OKTOBER

# VISITT VUM
# PLATEAU KIERCHBIERG
## INITIÉIERT VUM “FONDS KIRCHBERG”

01



Zënter der Grënnung vun den europäeschen Institutiounen ass de Kierchbierg a stännegem Wuesstem. Aus enger grousser Zone verte huet sech en dichten, urbane Stadbezierk entwéckelt, bei deem d’Funktioune vum Schaffen a Wunnen iwwerenee stëmmen. Fir d’Sensibiliséierung vun der Entwécklung vum Stadplang ze erhéijen, invitéiert de “Fonds Kirchberg” de Public op eng guidéiert Visitt. Den Tour besteet aus engem Virtrag am Sëtz vum “Fonds Kirchberg”, gefollegt vun enger Visitt mam Bus iwwert de Kierchbierger Plateau.

FONDS KIRCHBERG





**DONNESCHDES,**
**07 | 10 | 2021**

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 14:00 |
| PRÄIS: | 15€ |
| RETOUR: | GÉINT 17:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 01 \| 10 \| 2021 |

OKTOBER

# 02



90% vun den Alpakae weltwäit liewen am Peru









# ALPAKA **TREKKING**

02


Wanderung mat den Alpakaen



Nodeems mir esou eng super positiv Resonanz vun den Alpaka-Tier kritt hunn, besiche mir dëse pedagogesche Bauerenhaff gläich zweemol.

D'Alpaka kommen ursprénglech aus Südamerika a gehéieren zu der Famill vun de Kaméiler. Haaptsächlech ginn si wéinst hirer Woll geziicht oder wéi hei zu Huewel, wéinst hirem rouegen a friddleche Gemitt fir pedagogesch Projeten.
Méi gitt Dir bei enger Wanderung mat den Alpaka gewuer. Dësen Tour dauert ongeféier zwou Stonne mat Paus a mir passen eis dem gemittlechen Tempo vun den Déieren un.

Ënnerwee gi mir mat Waasser a Friichte versuergt a besichen och dem Haff seng Galloway-Zuucht. Nodeems mir mat deene léiwen Déieren zréck sinn, däerft Dir Iech nach gären ee Souvenir um Haff mathuelen.





DËNSCHDES,
12 & 26 | 10 | 2021

| | | | |
|---|---|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA | RETOUR: | GÉINT 17:30 (BARTRENG) |
| AUERZÄIT: | 13:15 | UMELDUNG BIS: | 05 \| 10 \| 2021 RESP. 19 \| 10 \| 2021 |
| PRÄIS: | 25€ | | |

OKTOBER

# 03




## Oldtimer Tour







# EN TOUR DUERCH
# DALL A LAND

03



Eng Excursioun mam Mercedes-Benz Omnibus vum Typ O 3500 versprécht Liibhaber vun ale Gefierer nostalgesch Gefiller opflackeren ze loossen. Op dëser Plaz wëll ech awer net méi verroden, just esouvill datt mir ënnerwee zu Mëtteg iessen an eng Paus am Nomëtteg virgesinn ass. Wann d'Wieder matspillt, kenne mir souguer mam oppenen Daach fueren.

Dofir loosst Iech iwwerraschen op dësem bestëmmt exzellenten Tour.









## DONNESCHDES,
14 | 10 | 2021

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 10:00 |
| PRÄIS: | 65€ (OUNI IESSEN) |
| RETOUR: | GÉINT 18:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 05 \| 10 \| 2021 |


# 04




## Nationalbibliothéik







# VISITT VUN DER **NATIONALBIBLIOTHÉIK UM KIERCHBIERG**


04




No 10-järeger Planungsphas gouf den éischte Spuedestéch am Juni 2014 gemaach. Et huet awer nach weider 5 Joer gedauert, bis d'Bauphas ofgeschloss konnt ginn an nach eng Kéier 4 Méint bis och dat lescht Dokument säi Wee an dat neit Gebai um Kierchbierg fonnt huet.

Zanter dem 1. Oktober 2019 huet déi nei Nationalbibliothéik hir Diere fir de Grand Public opgemaach.

D'Gebai zitt sech iwwert 3 Stäck a bitt ënnert anerem Ausstellungsraim, Reuniounssäll, e klengen Amphitheater, Musekssäll oder och Audiokabinnen. Iwwert déi 3 Stäck fënnt ee méi ewéi 1.800.000 Millioune physesch Dokumenter a kann an 200.000 international an national Ënnerlagen een direkten Abléck kreien. Virdru waren dës Dokumenter op 7 verschiddene Site gelagert. Déi nei Bibliothéik erfëllt all Krittären déi ee modernt 21. Joerhonnert verlaangt.
Bei dëser Visitt kréie mir ee fantastesche Bléck hannert d'Kulissen.





**DONNESCHDES,**
21 | 10 | 2021


Bibliothèque nationale du Luxembourg
Nationalbibliothéik

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 14:00 |
| PRÄIS: | 15€ |
| RETOUR: | GÉINT 17:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 14 \| 10 \| 2021 |

# 05



## Mr. Morgans letzte Liebe





OKTOBER

# FILMNOMËTTEG

# "MR. MORGANS LETZTE LIEBE"


05

e Film vum Sandra Nettelbeck



Eng batterséiss Libesgeschicht.
De liewensmidde Wittmann Matthew Morgan (Michael Caine) lieft zu Paräis a mécht zoufälleg d'Bekanntschaft mam schéinen an impulsive franséische Pauline (Clémence Poésy). Béid verbréngen eng kuerz awer wonnerbar Zäit zesummen déi hiert Liewe verännert an dem Matthew erëm Liewensmutt gëtt. Zesummen entdeckt déi komesch Koppel richteg Fréndschaft, gutt Gesellschaft, empathesch Romantik - a léiert de Wäert vun enger Famill ze schätzen. D'Pauline huet seng Elteren an engem Autosaccident verluer an huet sech zënterhier ni wierklech bei engem gebuerge gefillt. An hire Gespréicher mierkt hatt awer och, datt de Matthew sech komplett vu senge Kanner entfriemt huet. Mee trotz hirer Verbonnenheet kennt de Matthew awer net iwwer den Doud vu senger Fra ewech a versicht sech d'Liewen ze huelen. Dorops hin reese seng Duechter a säi Jong aus den USA un...



## MËTTWOCHS,

27 | 10 | 2021

*Movie Time*

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |
| FILMDAUER: | 116 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 26 \| 10 \| 2021 |
| VERSIOUN: | ( DE ) |

NOVEMBER

# 06



... an der Metzlerei MEYER

BRASSERIE RESTAURANT BEIERHAASCHT HOTEL Käerjeng










# VISITT VUN DER **SALAISONS MEYER VU BASCHARAGE**

100 Joer
1918 - 2018

06



Dëst ass d'Geschicht vun engem artisanale lëtzebuergesche Familljebetrib zanter 1918, dee mir eis ukucke ginn. Qualitéit, Know-How a Goût sinn d'Markenzeeche vun dëser Metzleschfamill. Wärend Joerzéngten ass d'Firma sech selwer trei bliwwen, an esou ginn d'Handwierk an d'traditionell Fabrikatiounsprozeduren, vu Generatioun zu Generatioun, vu Papp op Jong weiderginn.

Déi traditionell Spezialitéiten si réi a gekachten Ham, souwéi d'Produktioun vun dréchene Wurschten. Doriwwer eraus bitt d'Metzlerei eng ganz Rëtsch un traditionelle Produiten un, déi an hiren Atelieren hiergestallt ginn. Mir fueren um 12:30 fort, wëll mir virun der Visitt an hirer beschtbekannter Béierhaascht zu Mëtten iessen.



**DONNESCHDES,**
11 | 11 | 2021

MEYER SALAISONS

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 12:30 |
| PRÄIS: | 25€ (OUNI IESSEN) |
| RETOUR: | GÉINT 18:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 28 \| 10 \| 2021 |

# 07



## De Béier Musée

NOVEMBER








07

# VISITT VUM
# NATIONALE MUSÉE VUN DER BRAUKONSCHT AN DEM WËLTZER SCHLASS



Hei zu Lëtzebuerg kann een op eng houfreg a Joerhonnert al Brautraditioun zréckblécken. D'Simon's Brauerei mat Sëtz zu Wolz ass eng traditionell lëtzebuergesch Brauerei a produzéiert mat Spelz, aus dem Naturpark Uewersauer, een häerzhafte Spelzbéier.



De nostalgesche Päerdsstall vum Schlass huet sech als ideal Plaz ugebuede fir dorausser ee Musée ze maache fir de Leit Braukonscht méi no ze bréngen. Hei kréie mir déi 6000 Joer al Geschicht vun der Béierproduktioun erklärt an awer och d'Entwécklung vun der Béierindustrie hei am Land. No esou vill Theorie loosse mir eis bei enger Degustatioun gäre vun der Qualitéit iwwerzeegen.

Mir fueren um 11:15 Auer fort a ginn an de Restaurant beim Schlass zu Wolz zu Mëtteg iessen.

National Brewing Art Museum
Luxembourg - Wiltz

## DONNESCHDES,
18 | 11 | 2021

| | | | |
|---|---|---|---|
| **TREFFPUNKT:** | **PARKING ARCA** | **RETOUR:** | **GÉINT 18:00 (BARTRENG)** |
| **AUERZÄIT:** | **11:15** | **UMELDUNG BIS:** | **10 \| 11 \| 2021** |
| **PRÄIS:** | **30€** | | |

NOVEMBER

# 08



## Glasbléiserei zu Bäerdref

made by









08

# VISITT VUM
# PASCALE SEIL HIRER GLASBLÉISEREI



Nodeems d'Pascale Seil an der Handwierkerschoul hiren Diplom kritt huet, ass si op Stroossbuerg Konscht studéiere gaangen, wou si d'Glasbléiserei entdeckt huet. Zu Vannes-le-Châtel huet si an der Schoul CERFAV den Ofschloss zum Glasbléiser gemaach.




Dono huet Pascale Seil mam Diplom an der Täsch hiren eegene Glasstudio an Atelier zu Bäerdref opgemaach. Do produzéiert d'Pascale kleng Serië vun Dëschdekoratiounen an exklusiv an eenzegaarteg Glasskulpturen. Fir seng Konschtwierker inspiréiert d'Pascale sech gären un der Natur ronderëm Bäerdref. Haut kréien mir een exklusiven Abléck an d'Aarbecht vum Pascale Seil esou wéi an säin Atelier.

P.S. hei kann ee flott Chrëschtdagskaddoe besuergen.
Mir fueren um 11:15 fort a ginn op Konsdref an d'Brasserie op Buergkapp zu Mëtteg iessen.






## DONNESCHDES,
25 | 11 | 2021

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 11:15 |
| PRÄIS: | 30€ (OUNI IESSEN) |
| RETOUR: | GÉINT 17:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 18 \| 11 \| 2021 |



# 09

Julianne Moore am Drama "Still Alice"







NOVEMBER

# FILMNOMËTTEG

09

## "STILL ALICE-MEIN LEBEN OHNE GESTERN"


Ee Film vum Richard Glatzer a Wash Westmoreland



Een Drama iwwer Alzheimer mat der Oscargewënnerin Julianne Moore.

Dr. Alice Howland (Julianne Moore) ass eng unerkannte Linguistikprofessorin a Mamm vun dräi erwuessene Kanner. Wou hiert Gediechtnes noléisst, stellt hiren Dokter fest, datt si un enger rarer, verierfbarer Form vun Alzheimer leit, déi ganz jonk optriede kann. Duerch d'Krankheet gëtt dem Alice säi Liewe komplett op d'Kopp gehäit. Mee och hire Mann John (Alec Balwin), sou wéi hire Jong Tom (Hunter Parrish) an och hir zwou Duechteren Anna (Kate Bosworth) a Lydia (Kirsten Stewart) leiden immens vill ënner där ganzer Situatioun…



## MËTTWOCHS,

24 | 11 | 2021

**Movie Time**

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 101 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 23 \| 11 \| 2021 |
| VERSIOUN: | ( DE ) |

DEZEMBER

# 10




Zäit fir eppes Neies...

ZWEIBRÜCKEN
FASHION OUTLET








# SHOPPING AM
# FASHION OUTLET ZU ZWEEBRÉCKEN

10



Sicht Dir ee Kaddo fir Chrëschtdag oder wëllt Dir Iech selwer verwinnen?

Am Outlet zu Zweebrécke kritt Dir dofir d'Méiglechkeet. De grousse Choix u Marken an attraktive Präisser maachen et zumools virun de Feierdeeg interessant fir matzegoen. Eventuell besteet d'Chance fir ee gutt Geschäft ze maachen.

Och scho Loscht kritt ?

SAFER SHOPPING
BUREAU VERITAS
WE HAVE BEEN CERTIFIED AS A SAFER SHOPPING DESTINATION




## DONNESCHDES,
09 | 12 | 2021

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 09:30 |
| PRÄIS: | 25€ |
| RETOUR: | GÉINT 19:00 (BARTRENG) |
| UMELDUNG BIS: | 02 \| 12 \| 2021 |

# 11




## A Christmas Carol







11




# FILMNOMËTTEG
# "DER MANN, DER WEIHNACHTEN ERFAND"

Ee Film iwwert den Charles Dickens

1843: De jonken Charles Dickens (Dan Stevens) war laang Star Auteur deem déi englesch-sproochlech Welt zu Fouss louch. Awer seng lescht dräi Romaner waren all Flopps an d'Sue sinn him lues a lues ausgaangen. Well den Dickens awer och säi Papp John (Jonathan Pryce) finanziell generéis ënnerstëtzt, muss hien eng nei Iddi fir en erfollegräicht Buch fannen. Enges Nuets op engem Kierfecht bei enger verloossener Trauerfeier ass him eng Iddi komm. Awer éier d'Chrëschtgeschicht tatsächlech fäerdeg ass, muss den Dickens sech mat den Akten a Motiver vu sengem Haaptpersonnage Ebenezer Scrooge (Christopher Plummer) beschäftegen. An den entwéckelt séier een eegent Liewen a gëtt der Geschicht eng onerwaarten Dynamik...



## MËTTWOCHS,
08 | 12 | 2021

| | |
|---|---|
| TREFFPUNKT: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

*Movie Time*

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 104 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 07 \| 12 \| 2021 |
| VERSIOUN: | ( DE ) |













# EISE FOTO RÉCKBLÉCK




Wonderwool


adidas








# ALPAKA

Wanderung mat den Alpakaen














ALPAKA HUEWEL
ferme pédagogique

















# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin
a mam Margot Jemming



PARKREGLEMENT

Commune de BERTRANGE

# ZONE DE RENCONTRE

## LES RÈGLES PRINCIPALES :

- La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne
- Vitesse maximale autorisée de 20km/h
- Priorité à droite absolue
- Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

## STATIONNEMENT AVEC DISQUE BLEU

| | | |
|---|---|---|
| 1 | Stade A.Wolff | 64 / 4 h/max |
| 2 | Cimetière | 30 / 4 h/max |
| 3 | Central | 125 / 4 h/max |
| 4 | Poste | 12 / 2 h/max |
| 5 | Hall sportif Gemeng | 6 / 1 h/max |
| 6 | Beim Schlass | 13 / 1 h/max |
| 7 | Rue de la Fontaine | 8 / 2 h/max |
| 8 | Parking Péitruss | 83 / 4 h/max |
| 9 | Parking Tennis | 18 / 4 h/max |
| 10 | Parking Atert | 22 / 4 h/max |
| 11 | Parking Gemeng | 24 / 2 h/max |
| A | Parking ArcA | 51 / 48 h sans disque |




**HORAIRES DE STATIONNEMENT:**
**JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00**



## INFO COVID-19

Compte tenu de la situation actuelle concernant le coronavirus COVID-19, il est à noter que la Commune de Bertrange se réserve le droit de mettre en oeuvre des modifications au niveau de l'organisation des visites voire même d'annuler des visites planifiées si cela se révèle nécessaire.

# INFORMATIONEN - **INFORMATIONS**

Einschreibung // Inscription

## WICHTIGE HINWEISE :

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS :

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES : BCEE LU15 0019 1001 0292 6000

CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club
Am Schlass
*centre de rencontre*

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass

WWW.BERTRANGE.LU



Commune de BERTRANGE